QU N°3744

Le caractère urgent de la question a été reconnu (02.03.2021)

CSV FRAKTIOUN

REÇU
Par Christine Wirtgen , 09:16, 02/03/2021

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 01. Mäerz 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro zu dem kuerzfristeg verréckelten nationale Cross-Championnat un de Minister fir Sport weider ze leeden.

Wie een dëse Méinden aus de Medien (zum Beispill Le Quotidien) konnt liesen, huet de Cross-Country Championnat misste kuerzfristeg ofgesot ginn, obwuel een en Konzept mat Schnelltester op der Plaz virgeluecht hat. Dat Konzept gouf och vun der Santé gutt geheescht, mee leider huet sech d'FLA mat hirer Präsidentin an och den Sportminister laang mat enger Decisioun zréck gehale fir d'Evenement da kuerzfristeg ofzesoen.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend dréngend Froen un d'Regierung stellen:

1. Firwat huet de Sportminister, am Géigesaz zu dem Ministère vun der Santé, esou laang gebraucht fir eng Decisioun ze huelen?
2. Wat sinn di weider Grënn fir dës Decisioun besonnesch ënnert dem Aspekt, dass des Sportaart am Fräien an net an enger Hal ausgeüübt gëtt?
3. Ass de Sportminister net der Meenung, dass en nationale Championnat ënnert d'Kategorie vum Elittesport fält?

Här President, mir bieden Iech onsen déifste Respekt unzehuelen.

Georges Mischo
Deputéierten

Nancy Arendt ep Kemp
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

Le Ministre

Luxembourg, le 2 mars 2021

REÇU
Par Christine Wirtgen , 09:08, 03/03/2021

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
43, boulevard F.D Roosevelt
L-2450 Luxembourg

**Objet : Äntwert vum Dan Kersch, Sportsminister, op d'parlamentaresch Ufro N°3744 vun den honorabelen Deputéierten Nancy Arendt ep. Kemp a Georges Mischo iwwer d'Ofsoe vum nationale Cross-Country Championnat**

Monsieur le Ministre,

Par la présente, j'ai l'honneur de vous faire parvenir la réponse à la question parlementaire N°3744.

Je vous prie de bien vouloir la transmettre à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Le Ministre des Sports

Dan Kersch

66 Bureaux:
66, rue de Trèves
L-2630 Luxembourg

Adresse postale:
B.P. 180
L-2011 Luxembourg

Tél. (+352) 247-83406
Fax (+352) 43 44 36

www.sport.public.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

**Äntwert vum Dan Kersch, Sportsminister op d'parlamentaresch Ufro N°3744 vun den honorabelen Deputéierten Nancy Arendt ep. Kemp a Georges Mischo iwwer d'Ofsoe vum nationale Cross-Country Championnat.**

1. Et ass falsch ze behaapten, datt de Sportsminister "esou laang Zäit gebraucht huet" fir eng Décisioun ze huelen, mee de Sportsminister huet sech eréischt geäussert, nodeems hien a Kenntnis gesat gouf, datt d'Santé e sanitäert Konzept validéiert hätt. Déi noutwenneg sanitär Préiwung vun engem Konzept ersetzt net déi juristesch Préiwung.
2. Op telefonesch Nofro vun der Presidentin vun der Liichtathleetikfederatioun, huet de Sportsminister, no genauer Lecture vum Gesetzestext, festgestallt, datt op Grond vun den aktuelle gesetzleche Bestëmmunge fir de Sport, d'Ofhale vun engem Cross-Championnat mat engem Massestart net méiglech wier. Par contre wier et awer méiglech e Cross-Championnat am Modus "contre la montre" ze organiséieren. Och wann déi gesetzlech Situatioun deenen 2 Deputéierten dierft bekannt si well se Member an der zoustänneger Chamberskommissioun sinn an näischt géint déi präzis Textpassagen auszesetzen haten, erlaben ech mär, aus Transparenzgrënn, de Paragraf 7 vum Artikel 4 bis vum aktuelle Gesetz Text ze zitéieren:

*Les restrictions prévues aux paragraphes 1er à 4 ne s'appliquent ni aux sportifs d'élite déterminés en application de l'article 13 de la loi modifiée du 3 août 2005 concernant le sport, à leurs partenaires d'entraînement et encadrants des sportifs d'élite, ni aux sportifs professionnels, ni aux sportifs des cadres nationaux fédéraux toutes catégories confondues, ni aux élèves du Sportlycée et aux élèves des centres de formation fédéraux, ni aux sportifs des équipes des divisions les plus élevées des disciplines sportives respectives au niveau senior, ainsi qu'à leurs encadrants, pour les entraînements et compétitions*.

De Sportsminister hat also keng aner Méiglechkeet wéi ze roden, datt d'Cross Country Championnat mat Massestart, och exklusiv fir Senioren, ënner dëse Bestëmmunge leider net méiglech ass. Am anere Fall hätt hie sech enger flagranter Mëssuechtung vum Gesetz schëlleg gemaach. Doropshin huet d'FLA schwéieren Häerzens décidéiert, d'Championnat ze verleeën, respektiv ze annuléieren. De Fait, datt Cross-Country am Fräien ausgeübt gëtt, spillt hei absolut net – och dat dierft den Deputéierte bekannt sinn.

3. D'Meenung vum Sportsminister, wat ënnert Elittesport ze verstoen ass, ass hei net vu Bedeitung, mee gëtt vum Artikel 13 vum Sportsgesetz festgehalen. Deementspriechend falen ënner d'Kategorie vum Elittesportler, déi Athleten deenen hir sportlech Qualifikatioun vum COSL unerkannt ass. Et ass e Fait, datt um geplangte Championnat e Groussdeel vun Athleten ugetrueden wier, déi dëse Statut eben net hunn. De Minister wäert sech, ewéi an der Vergaangenheet, aus der Zouerkennung vun dem Statut eraushalen, alles anescht wier eng déplacéiert Amëschung an de privat organiséierte Sport zu Lëtzebuerg.

Als Sportsminister schléissen ech mech heimat och den Aussoe vun der FLA un, a soen den Organisateure fir hir onermiddlech Beméiungen e ganz grousse Merci, an drécke mäi Verständnis fir hir Enttäuschung aus. De Merci gëllt och fir all Fräiwëlleg an de Veräiner déi an dëse schwéieren Zäiten dofir suergen, datt och de Sport, wann och mat déifgräifenden Aschränkungen, ka weider liewen. Si leeschten der Gesellschaft domat een immens groussen Déngscht, virun allem am Intérêt vun deene Jonken a ganz Jonken. An do ginn et, och an der Liichtathletik, ganz flott an innovativ Beispiller.

D’Evolutioun vun der Pandemie, souwéi d’Evaluatioun vun der genereller sanitärer Situatioun, wäert eis fir déi nächst Schrëtt weiderhi begleeden.